piratepartei
www.piratepartei.lu

Dat Wichtegst zur Schülerdatebank

Wat gëtt gespäichert? A wéi laang?

Vum Schüler:
- Numm, Virnumm, Geschlecht, Gebuertsdatum, Matrikulsnummer, Gebuertsstad a Land, Nationalitéit, Foto
- Privatadress, E-Mailsadress, Telefonsnummeren
- Mammesprooch an aner doheem geschwate Sproochen, dat wéi villt Kand een an der Famill ass
- Heemechtsland a wéini een an Lëtzebuerg geplënnert ass

Vun den Elteren:
- Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Nationalitéit
- Privatadress, E-Mailsadress, Telefonsnummeren
- Familljestand, Beruff, Bildungsniveau, sozioprofessionell Kategorie

Fir d'Schoulzäit:
- d'Schoul, déi aktuell Klass, Datum vun der Aschreiwung an der aktueller Schoul
- den Ordre d'Enseignement, Schouljoer oder Zyklus
- den 'établissement d'enseignement' an d''classe d'origine'
- den 'auditoire', Optiounscouren, Modulen a verfollegt Couren, Aktivitéiten ausserhalb der Schoul
- Aschreiwungsstatus, Datum vum Schoulofschloss

Fir d'Evaluatioun an d'Certificatioun vun de Kompetenze vum Schüler:
- Schoulresultater, Noten (Kompetenzen), Zensuren
- Decisiounen ob ee säi Joer gepackt huet oder net an den Avis d'Orientation, zemools deen um Enn vun der Grondschoul
- Resultater bei Nationalen Épreuven (z.B: 'épreuves communes') an Examen
- Nohëllefmoossnahmen, 'aménagements particuliers', spezifesch Sproochecoursen, Dispensen an Absencen
- Diplomer an Zertifikater, déi ee vun der Schoul krut, respektiv vum Ministère unerkannt ginn
- de Léiervertrag an all d'Donnéeën déi relevant fir d'Formatioun sinn

D'Donnéeë ginn no engem Zäitraum vu 15 Joer nom Schoulofschloss geläscht, net betraff heivunner sinn d'Diplomer an d'Zensure fir eng spéider Zertifizéierung ze erméiglechen.

Wéi eng Administratioun huet Zougang zu wéi engen Donnéeën?

Net all Administratioun huet Zougréff op all d'gespäichert Donnéeën. Hei eng Opzielung wéi eng Administratioun Zougréff ob wéi eng Donnéeën huet:

- d'Aarbechtsamt: Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Privatadress, besichte Schoul, Schouljoer, aktuell Klass
- den Héichschoulminister: Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Privatadress, besichte Schoul, Schouljoer, aktuell Klass, Diplomer an Zertifikater
- d'Beruffskummeren: Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Privatadress, besichte Schoul, Schouljoer, aktuell Klass
- d'Privatschoulen, un d'Europaschoul an un grenziwwerschreidend Schoulen: Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Schoulresultater
- den 'Institut national pour le développement de la formation professionnelle continue': Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Diplomer an Zertifikater vun allen Niveauen
- den Transportminister: Numm, Virnumm, Privatadress, Foto, besichte Schoul
- kommunal Administratiounen: Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, besichte Schoul, Schouljoer, Schoulresultater
- d''Caisse nationale des Prestations familiales': Numm, Virnumm, Geschlecht, Privatadress, besichte Schoul
- de 'Centre commun de la Sécurité sociale': Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Privatadress, besichte Schoul, Schouljoer, aktuell Klass
- de Familljeminister: Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Privatadress, besichte Schoul, Schouljoer, aktuell Klass
- de Gesondheetsminister: Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Privatadress, besichte Schoul, Schouljoer, aktuell Klass

- de 'Service national de la Jeunesse': Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Privatadress, besichte Schoul, Schouljoer, aktuell Klass
- d'Fondatioun Restena: Numm, Virnumm, Privatadress, besichte Schoul
- d'Uni Lëtzebuerg: Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, besichte Schoul, Schouljoer, aktuell Klass, d'sozioprofessionnell Kategorie an de Bildungsniveau vun den Elteren, Noten, Kompetenzbilan, Schoulresultater, Nohëllefsmoossnamen, den Avis d'Orientation, Resultater bei nationalen Epreuven, Diplomer an Zertifikater vun allen Niveauen
- d''Inspection générale de la sécurité sociale': Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Privatadress, Nationalitéit, dat wéi villt Kand een an der Famill ass, Mammesprooch an aner doheem geschwaten Sproochen, besichte Schoul, Schouljoer, d'sozio-profesionnell Kategorie an de Bildungsniveau vun den Elteren
- CEPS-INSTEAD: Numm, Virnumm, Geschlecht, Matrikulsnummer, Privatadress, Nationalitéit, dat wéi villt Kand een an der Famill ass, Mammesprooch an aner doheem geschwate Sproochen, besichte Schoul, Schouljoer, d'sozioprofesionnell Kategorie an de Bildungsniveau vun den Elteren

Dës Donnéeë solle wa méiglech per direkter Interconnexion vun den Informatiounssystemer oder awer per 'voie électronique' ausgetosch ginn.

Zu wéi engem Zweck ginn dës Donnéeë gespäichert an un déi verschidden Administratioune geschéckt?

D'Schülerdatebank soll virun allem déi administrativ a pädagogesch Gestioun vun de Schüler verbesseren.

D'Datebank soll awer och Etuden erméiglechen, wat de Grond dann och ass, wisou beispillsweis CEPS-INSTEAD oder d'Uni Lëtzebuerg Zougréff ob déi verschidden Donnéeë solle kréien.

Weitere Informationen: *www.piratepartei.lu*

Dies ist ein Informationsblatt der Piratenpartei Luxemburg.

Die Piratenpartei Luxemburg setzt sich seit ihrer Gründung im Oktober 2009 für den Schutz der Bürgerrechte, insbesondere den Schutz der Privatsphäre und einen erhöhten Datenschutz, ein. Die Piratenpartei fordert außerdem eine größere Transparenz des Staatsapparates, sowie den freien Zugang zu öffentlichen Informationen und Bildungsmaterialien. Darüber hinaus fordert die Piratenpartei eine grundlegende Reform des Urheberrechts und des Patentwesens.

Als Mitglied einer internationalen Bewegung nimmt die Piratenpartei Luxemburg aktiv an internationalen Konferenzen und Aktionen teil. Grundlegendes Prinzip ist die Basisdemokratie, die es jedem Mitglied der Partei erlaubt ihre Zukunft mit zu gestalten.

Piratepartei Lëtzebuerg
1, Sonnestrooss,
L-5683 Dalheim

www.piratepartei.lu

ahoi@piratepartei.lu

(+352) 691 804 033 (Jerry Weyer)
(+352) 621 632 118 (Sven Clement)

Lizenz: CC0 1.0 Universal - Public Domain Dedication: http://creativecommons.org/publicdomain/zero/1.0/deed.en